STAD DIKRICH

NATIIRLICH FIR EECH DO!

www.diekirch.lu

NEWSLETTER FEBRUAR 2026

SCHANTERCHER

Investissement an d'Waasserversuergung

Well d'Haaptwaasserleitungen tëscht de Waasserpëtzer nieft dem Futtballsterrain an dem Waasserbaseng *Deiwelselter* an der Fielser Strooss an d'Jore komm sinn, huet d'Gemeng decidéiert an d'Waasserversuergung vun der Stad ze investéieren. Am Februar hu lo d'Preparatiounsaarbechte wéi z.b. d'Ofholzen ugefaange fir déi al Waasserleitungen a Richtung Waasserbaseng an der Fielser Strooss ze erneieren. Ufank Mäerz soll de Schantjen da richteg lassgoen.

GEMENGEPROJETEN

Concours #NeiDikrich

Am Oktober 2025 war de *Concours d'architectes-urbanistes* fir de Projet #NeiDikrich lancéiert ginn. Ufanks Februar huet e Jury mat 9 Experten a Politiker 5 Büroen zeréckbehalen, déi vum 27. Februar bis de 5. Juni 2026 Zäit hunn, en detailléierte Projet fir d'Erneierung vum Stadkär auszeschaffen. Ufanks Juli entscheet dann de Jury wien als definitive Gewënner vum Concours ervirgeet. De 14. Juli 2026 gëtt de Gewënner-Projet ëffentlech virgestallt. Duerno muss nach just de Gemengerot iwwer dee Projet ofstëmmen, éier e kann ëmgesat ginn.

Budget participatif 2025 & 2026

Enn Januar huet de Gemengerot sech fir ee vun de ronn 20 Projeten, déi am Kader vum partizipative Budget 2025 erageschéckt goufen, entscheet. Esou ass d'Propos vum Här Gilberto Dos Santos zeréckbehale ginn – dës gesäit vir, de Basketballterrain op der Lëmmelsplaz ze renovéieren an neit Material z'installéieren, fir esou outdoor Aktivitéiten an de soziale Kontakt ze förderen. Ee grousse Merci un den Här Dos Santos an un all déi aner déi hir Iddien erageschéckt hunn. Och fir d'Joer 2026 ass erëm ee partizipative Budget virgesinn, fir deen Dir Är Proposen eraschécke kënnt. All d'Informatiounen an d'Konditioune fannt Dir iwwer de QR-Code hei nieft dem Text.

INFORMATIOUN

NEI | Dikrich TV vun elo un och bei der Post an Eltrona
| Déi nei Emissioun: All 3. Méindeg vum Mount owes um 19 Auer

NÄCHSTEN DEIWELSELTER (LU FR EN) | Mëtt Mee 2026 per Post an op diekirch.lu

Bamplanzaktioun

Vum 16. Februar un a bis Enn des Mounts ass de Service Technique amgaangen uechter ganz Dikrich eng 40 Beem ze planzen, fir esou zu engem bessere Klima bäizedroen. Well de Klimawandel fir ëmmer méi dréchen a waarm Summere suerge wäert, mussen dobäi Zorte gesat ginn, déi de geännerte Wiederkonditioune Rechnung droen. Dofir dierft Dir elo an Zukunft uechter ganz Dikrich och nei Aarten ewéi Mammutbeem, Ginkobeem an aner resilient Bamzorte virfannen. Fënnef nei Beem goufen am Hang bei der Spillplaz an der Glaesener Strooss ugeplanzt.

FESTER & EVENTER

Grouss Botz

Den **21. Mäerz** invitéiert d'Nohaltegkeetskommissioun op déi traditionell Grouss Botz an a ronderëm Dikrich. Rendez-Vous heifir ass um 9 Auer moies beim Restaurant „Al Schwemm", wou ee mat Croissant a Kaffi empfaange gëtt. Um Enn vun der Botz gëtt op der selwechter Plaz och Iessen a Gedrénks ugebuede fir jiddereen deen eng Hand mat ugepaakt huet. D'Umeldung leeft nach bis den 13. Mäerz op communication@diekirch.lu.

Ouschtermaart mat Ouschtereeërsich

De leschte Weekend am Mäerz fënnt dann och den Ouschtermaart am Dikricher Stadkär statt. Hei erwaart lech den **28. an 29. Mäerz vun 10 bis 18 Auer** ee flotte Programm mat villen Animatioune fir grouss a kleng. D'Neiegkeet vum Ouschtermaart dëst Joer ass eng Ouschtereeërsich fir Kanner samschdes, den 28. Mäerz. All weider Informatioune fannt Dir op der bäigefüügter Käertchen.

KLIMANEWS

De Smarty+ gëtt ofgeschaaft

Creos, a Kooperatioun mat de lëtzebuergesche Gestionnairë vun de Stroumdistributiounsnetzer Ville de Diekirch, Ville d'Ettelbruck a SudStroum, annoncéieren d'Ofschafung vum Smarty+ Dongle ab dem 31. Dezember 2026. Dës Entscheedung gouf am Kader vum technologesche Wandel an der Aféierung vun neie Léisunge getraff, déi e besseren Zougang zu Energiedaten erlaben, besonnesch iwwer d'Leneda-Dateplattform an Apparater, déi an Heem-Energie-Managementsystemer (HEMS) integréiert sinn.

Fir aktuell Benotzer wäerten den Dongle an d'Applikatioun bis Enn 2026 ouni Restriktioun funktionéieren; de Clientsservice gëtt an där Period och garantéiert. Déi gesammelt Donnéeë bleiwe bis dohinner zougänglech.

→ Mat Ärer Energy ID kritt Dir Zougang op déi national Energiedateplattform **www.leneda.lu** iwwer déi Dir Är Stroum- a Gasdaten (an Zukunft eventuell och Är Waasser- a Wäermedaten) ofruffen an analyséiere kënnt. Gitt einfach op leneda.lu, maacht do e Konto op, da kritt Dir Är Energie ID mat där Dir Iech Är Date kënnt ukucken.

DIKRICHER

OUSCHTER MAART

28. + 29. Mäerz

10 – 18 Auer
am Dikricher Stadkär

VILLE DE DIEKIRCH

SYNDICAT D'INITIATIVE DIEKIRCH

WAT STEET UM PROGRAMM?

flott Handwierksstänn, lessen a Gedrénks vun de lokale Clibb, vill Kanneranimatiounen, Besuch vum Ouschterhues, Klengdéier-Park, Concerten a villes méi...

Méi Infoen deemnächst iwwer de QR-Code um **Facebook-Event** oder op www.diekirch.lu

NEI: OUSCHTEREEËRSICH

fir Kanner mat flotte Spiller duerch Dikrich an engem klenge Kaddo zum Ofschloss!

D'Umeldunge lafe **bis den 20. Mäerz** iwwer dëse QR-Code :